

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Wéi ee rezent an der Press liese konnt, huet den Tribunal administratif kierzlech e groussherzoglecht Reglement iwwert d'Präisser vun den urgente Consultatioune bei de Kannerdokteren ausser Kraaft gesat, well dëst illegal wär. Dëst ass geschitt, nodeems eng Rei Kannerdokteren aus dem Hôpital Robert Schuman sech géint dat groussherzoglecht Reglement gewiert hunn, well et präferentiell Tariffer fir d'Kannerdokteren aus dem CHL virgesäit. Dës Dispositioun aus dem Gesondheitssecteur ass also net dem Staatsrot presentéiert ginn. E Staatsaffekot huet de Wee, fir dës Dispositioun iwwert e groussherzoglecht Reglement duerchzesetzen, mat der Drénglechkeet vun der Ugeleeënheet rechtfäerdegt - e Virgoen, wat awer aus rechtsstaatlecher Siicht eng ganz Rei Froen opwerft. Am engem Reporter-Artikel vum 2. Dezember ass iwwerdeems ze liesen: «Une quantité importante d'autres règlements grand-ducaux ont été adoptés à l'automne 2018 dans le sillage de la très controversée loi hospitalière (...) selon la même procédure d'urgence.»

An deem Kontext géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi vill groussherzoglech Reglementer sinn am Gesondheitsberäich zënter der Reform vum Spidolsgesetz 2018 bis dato geholl ginn?
2. Firwat ginn déi legislativ Ännerungen am Gesondheitssecteur, wéi et schéngt, a ville Fäll net dem Staatsrot presentéiert, esou wéi de reguläre gesetzleche Wee dëst eigentlech virgesäit?
3. Gëtt an den Ae vun der Regierung déi genannten «procédure d'urgence» net inflationär gebraucht, d.h., mëssbräuchlech ugewannt, fir esou kënne méi einfach ze legiferéieren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten